PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'FGFC beschreift an engem Communiqué vun haut ee schlecht Personalmanagement beim TICE. Ried ass vu "Schikane als Strategie", wou scho klenger Bagatellen direkt mat Drock an eeserner Fauscht bestrooft ginn. Eng Personalëmfro innerhalb vum TICE schéngt ee schlecht Aarbechtsëmfled ze bestätegen. Den Inneminister ass anscheinend schon zënter Joren iwwert den Ëmgang vum Personal duerch d'TICE-Direktioun informéiert gewiescht:

"*Seit über einem Jahr wartet die Personalvertretung auf Antworten zu gravierenden Fragen. Es entsteht der Eindruck, dass einzelne verantwortliche Mitarbeiter diese Vorgänge bewusst verzögern oder gezielt ignorieren. Damit stellt sich die Frage, ob das Vorgehen des TICE-Managements stillschweigend toleriert wird, um eine „Verschlankung" des kommunalen Transportwesens voranzutreiben – und ob der Minister selbst über dieses Vorgehen in seinem Haus umfassend informiert ist?*"

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wosst den Inneminister vun den Zoustänn am Ëmgang mam Personal beim TICE Bescheed? Falls jo, firwat huet hien net reagéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten